

Flunkyball-Regelwierk

1. Ziel

Flunkyball ass een „Ball-Drénkspill“ bei dem dat Team gewënnt wat als éischt säin Béier gedronk huet.


2. Opbau

Als Ball huelen mir een Handball.

Déi 2 Equipe, stellen sech géigeniwwer op hirer Linn op. Hei mussen sech och all d Spiller erëm opstellen virum nächsten Worf.

All Spiller huet eng Béchs (0,5l) Béier déi en op déi virgesinne Platz stellen muss, an eisem Fall eng kleng Holzplack. An der Mëtt tëscht deenen 2 Equipe gëtt eng Plastikfläsch mat Waasser dran opgestallt, och ob eng fest Holzplack.

3. Spillfeld



4. Spilloflaf

Per „Schnick Schnack Schnuck“ gëtt entscheet weiang Equipe den éischten Worf kritt.

Team A fänkt un an kritt den Ball an mussen probéieren d’Fläsch an der Mëtt ze treffen an ëmzegeheien. Falls se getraff hunn duerfen se ufänke hiren Béier ze drénken.

Team B muss dann sou séier wie méiglech d Fläsch erëm opstellen, an mam Ball all hannert hier Linn lafen. Soubal All Spiller vun Team B, inklusiv dem Ball, hannert der Linn sinn ruffen si „Stop“ an Team A muss direkt hier Béchs néiersetzen an ophalen mat drénken.

Dann duerf Team B probéieren d'Fläsch ze treffen. Falls net getraff gëtt, geet den Ball einfach un déi aner Equipe an déi sinn dann drun mat geheien.

D'Spill ass gewonnen, wann eng Equipe all Béchs eidel huet, all Spiller seng eegen natierlech. Am bäschten hält een sech dofir d' Béchs iwwert den Kapp, fir däitlech ze weisen dass seng Béchs eidel ass.

Zousatz Regel falls sech vill Equippen umellen : Falls no 15 Minutten nach keen Gewënner feststeet, sammelt den Schiidsriichter all Béchs déi nach net eidel ass an, an et gëtt gekuckt weiang Equipe nach am mannsten Béier iwwreg huet, déi gewënnt dann d'Partie.

5. Allgemenges

D'Spiller müssen ëmmer ofwiesselnd geheien an et duerf keen ausgelooß ginn. Soubal een Spiller seng Béchs ausgedronk huet, duerf dësen net méi geheien.

Während dem Spill duerf keen Béier verschott ginn. Op wéinst ze séier drénken sou dass d'Halschent dolaanscht leeft oder well den Ball eng Béchs ëmgeheit. Falls dat den Fall ass, kritt dësen Spiller een Strofbéier (0,33l Béchs).

All d'Spiller müssen virun all Worf hannert hirer Linn stoen an den Béier muss um Buedem op senger Platz stoen.

D` Zielfläsch muss ëmmer op der virgesinne Plack rem opgestallt ginn.

Den Ball daerf Geworf ginn wei een well mee wann den Ball widder den Buedem kennt ier en widder d'Fläsch kennt, zielt den Worf net.

En Bier gëllt als eidel wann een sech en 3 Sekonnen laang iwwert den Kapp hellt an ofgesinn vun e puer Drëpsen an Schaum näischt méi erausleeft.